CSV FRAKTIOUN

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 JUIL. 2017
3141

**Monsieur Mars Di Bartolomeo**
**Président de la Chambre des Députés**
Luxembourg

Luxembourg, le 17 juillet 2017

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert den Réckgang vun sécheren Schwëmmer un den Här Minister fir Bildung an un den Här Minister fir Sport weiderzeginn.

Eng ausgeglachen physesch Aktivitéit ass wichteg vir d´Entwécklung vun eisen Kanner. Et huet sech an den Leschten Joren leider erauskristalliséiert, dass vill Kanner net mei richteg schwammen kennen. Während Vakanzenaktivitéiten oder wann d‘ Elteren selwer mat den Kanner an d‘ Vakanz fueren stinn oft Aktivitéiten am Waasser um Programm. Eng Studie an Däitschland, di vun der "Deutsche Lebens-Rettungs-Gesellschaft" an Optrag gi ginn as, huet elo erausfonnt, dass bei eisen Noperen 59% vun den zéngjäregen Kanner keen Fräischwëmmer hun. Dësen as noutwendeg vir sech als sécheren Schwëmmer auszezeechnen.

An deem Kader, wollte ech dem Här Minister fir Bildung an dem Här Minister fir Sport dës Froen stelle

- Wifill Prozent vun eisen Kanner hun den Certificat vum Fräischwëmmer vum FLNS (Fédération Luxembourgeoise de Natation et de Sauvetage) gemaach hei am Land?
- Ginn et Tendenzen, dass d´Erreechen vun sou engem wichtegen Ofzeechen erofgeet? Wann jo, wat gedenken di zoustänneg Ministeren dogéint ze ënnerhuelen?
- Ënnerhëlt d´Regierung speziell Moossnamen virun da grousser Vakanz vir dass eis Kanner secher schwammen leieren?
- Offréieren eis Schwämmen genuch Schwammcoursen un fir d´Ofzeechen vum Fräischwëmmer ze mann, dëst en Kollaboratioun mam FLNS ?
- Hun d´Elteren genuch Informatiounen fir hir Kanner an engem Schwammcours un ze mellen?

Här President, ech bieden Iech mäin déifsten Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 5 septembre 2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 SEP. 2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
05 SEP. 2017

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne: question parlementaire N° 3141 de Madame la Députée Nancy Arendt**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse commune, des ministères impliqués, à la question parlementaire posée par l'honorable Députée Arendt.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 5 septembre 2017

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Monsieur le Ministre des Sports, à la question parlementaire N° 3141 de Madame la Députée Nancy Arendt**

Zu der parlamentaresch Fro vun der Mme Arendt iwwert den eventuelle Réckgang vu séchere Schwëmmer hei zu Lëtzebuerg a méi konkret d'Unzuel vun de Kanner déi en Certificat vum Fräischwëmmer hunn, kennen de Minister Schneider an ech folgend Informatiounen ginn.

Hautzedags stellt kee méi a Fro, datt eng ausgeglache physesch Aktivitéit, wouzou och d'Schwamme gehéiert, wichteg fir d'Entwécklung vun de Kanner ass an dat vu klengem un. Dowéinst leet dës Regierung och e grousse Wäert dorop, datt eis Kanner vun jonkem Alter u konsequent motoresch geférdert ginn.

Wat elo konkret d'Erlaange vum Fräischwëmmer-Certificat ugeet, ass ze ernimmen, datt esou Certificaten net ausschliisslech vun der FLNS (Fédération Luxembourgeoise de Natation et de Sauvetage ) ausgestallt ginn. Do derbäi kënnt, datt alleng d'Unzuel vun esou Certificaten net onbedéngt déi reell Situatioun um Terrain vu séchere Schwëmmer zeréckgëtt, well och vill Kanner fräigeschwomm sinn ouni awer esou en Ofzeechen ze hunn an dat notamment duerch d'Schoulschwammen.

Déi konkret Zuelen iwwer d'Ausstellen vun den Fräischwëmmer-Certificaten vun deenen verschiddenen Intervenanten konnten mir leider net zesummendroen an der kuurzer Zäit.

D'Regierung huet awer keen Afloss dorop wéi eng, respektiv wéivill Coursen d'Federatioun, d'Veräiner oder d'Schwämme selwer ubidden, si kann och d'Informatiounspolitik vun dësen net matbestëmmen.

Dat wat d'Regierung awer ka maachen an och mécht, ass duerfir suergen datt am non-formalen esou wéi am schoulesche Beräich d'Beweegung am allgemengen an och d'Schwammen ganz seriö geholl an geférdert gëtt an datt am reng sportleche Beräich an de Veräiner d'Kanner vu qualifizéierten Trainer betreit ginn.

Déi zwee concernéiert Ministere sinn sech deemno der Problematik, wat Schwammeléieren ugeet, bewosst an sinn am gaang eng Enquête auszewäerten fir eng Iwwersiicht ze kréie vun der Organisatioun vum Schoulschwammen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-20040816-FR